LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°7166 vum 14. November 2022 vum éierewäerten Deputéierten Här Marc Goergen iwwert "Réserve naturelle "Trentengerdall""**

**1. Nom Artikel 40 vum Gesetz hunn d'Bierger d'Recht hier Géigenargumenter zu enger Ëmklasséierung eranzeginn. Wéi vill Reklamatioune betreffend der Ëmklasséierung vum Trentengerdall goufen agereecht a wéi eng Argumenter goufe géint eng Ëmklasséierung bruecht? Wéi enge Punkte wäert d'Regierung nokommen an Ännerunge virhuelen?**

An der Äntwert op d'parlementaresch Fro n°6177 vum éirewäerten Députéierten Här Jeff Engelen goufen déi prozedural Ofleef am Detail erklärt.

Fir dat besote Schutzgebitt ass d'Enquête publique nach net ugelaf. Bis elo ass den Dossier, esou wéi en no enger Décisioun vum Regierungsrot vun 2017 ausgeschafft ginn ass, just un zwee Owender allen Interesséierte présentéiert ginn. Aktuell lafen nach Echange mat de Leit fir hir Froen a Bemierkunge beschtméiglech an de Projet anzebauen iert en an d'Enquête publique geet, an där d'Bierger da wärend 30 Deeg dozou kënne Stellung huelen. Deemno konnt och nach keng Reklamatioun agereecht ginn an et kann een elo och nach net soen, ob a wou de Projet wäert adaptéiert ginn.

**2. Fir wéi eng Aktivitéiten ginn déi verschidden Akerflächen, déi an d'Naturschutzzon solle kommen, benotzt?**

Am Trëntengerdall ginn zum Zäitpunkt vum Erstelle vum Dossier 129 Hektar als Aker genotzt a maachen deemno ronn 12% vun der landwirtschaftlecher Fläch vum geplangte Gebitt aus. De Gros vun der landwirtschaftlecher Fläch gëtt als Gréngland genotzt.

An der Landwirtschaft ass d'Rotatioun vun der Notzung vun Akerflächen ee Grondprinzip, sou datt déi genee Notzung vun den Akerflächen vu Joer zu Joer wiesselt.

**3. Dierf um Akerland an an de Wéngerten, déi duerno an der Schutzzon leien, weiderhin eng Bio-Landwirtschaft oder Permakultur bedriwwe ginn? Falls jo, wäert d'Regierung de betraffene Bauere eng weider finanziell Hëllef ubidden, well si hire Betrib gezwongenerweis mussen ëmzestellen?**

Natierlech kënnen d'Akerflächen an d'Wéngerten, déi an der geplangter Schutzzon leien, weiderhi fir landwirtschaftlech oder wäibaulech Zwecker genotzt ginn. Wat de Gebrauch vu Pestiziden oder Dünger ugeet, sinn am Avant-Projet vum Reglement just Restriktioune fir de Bësch an d'Biotope an de Verbuet vum Ëmbroch vun Dauergréngland oder d'Ofsprëtze mat Totalherbizide virgesinn.

Zu de finanziellen Ausgläichsméiglechkeeten gëtt d'Äntwert op d'parlementaresch Fro n°6177 vum éirewäerten Députéierten Här Jeff Engelen Präzisounen. D'Oplagen déi den aktuellen Avant-Projet vum Reglement virgesäit, wäerten a priori keng Ëmstellungen erfuerderen; dësen Aspekt gëtt natierlech nach mat den eenzelne Betriber gekuckt.

**4. Wéi wäert d'Juegd am Naturschutzgebitt an Zukunft gereegelt sinn? Wäerten nei Juegdlouser entstoen?**

Den Avant-Projet vum Reglement „Trëntengerdall" gesäit fir d'Juegd keng Restriktioune vir. Et wäert dofir duerch déi Ausweisung net zu Ännerunge bei de Juegdlouse kommen.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

**5. Bleift d'Klappjuegd an dësem Gebitt weiderhin erlaabt?**

Wéi uewendriwwer scho gesot, wäert d'Ausweisung vun dëm Gebitt net zu Ännerungen am Beräich vun der Juegd féieren.

**6. Wat soll genau am Trentengerdall geschéien, wann d'Naturschutzzon ausgewisen ass a wéi een Impakt erhofft sech d'Regierung dobäi op d'Planzen- an Déierewelt?**

D'Zil vun der Ausweisung vum Landschaftsschutzgebitt "Trëntengerdall" ass et, déi aussergewéinlech Landschaft vum besoten Dall laangfristeg ze sécheren. Virun allem soll d'Landschaft vum Dall mat de Wisen a Weeden, duerchsat vu Blummewisen a Bongerten, wéi och Fiichtwisen, mee och Bëscher um Plateau, erhale bleiwen. Domat ginn och déi do virkommend seele Planzen- an Déierenaarten geschützt an hier Liewensraim erhalen.

Lëtzebuerg, de 14. Dezember 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung